N°292
Entrée le 11.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Här Finanzminister, Gilles Roth an der Madamm Ministesch fir ëffentlech Bauten, Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro n°292 vum 6. Februar 2024 vun den éierbaren Deputéierten André Bauler an Corinne Cahen**

**- Wéi vill Loyeren a Chargen huet de Staat am Joer 2023 fir Gebaier an deene Ministèren an Administratiounen dra si bezuelt?**

Duerch d'Loyerskommissioun am Finanzministère huet de Staat aktuell ongeféier 320 Loyerskontrakter lafen. Dobäi handelt et sech awer net nëmmen ëm Bürosgebaier an Hale fir Ministèren an Administratiounen, mä och ëm Schoulinfrastrukturen.

De Gesamtloyer fir d'Joer 2023 beleeft sech dobäi op ongeféier 78 Milliounen Euro. D'Chargë si méi schwéier ze erfaassen, well dës deels vun den Occupanten, deels vun der Loyerskommissioun bezuelt ginn.

**- Ass de Staat an Zukunft drop ugewise fir weider Raimlechkeete fir seng Verwaltungen ze lounen oder versicht de Staat éischter op de Wee ze goe fir nei Gebailechkeeten ze kafe respektiv op sengen eegenen Terraine bauen ze loossen?**

De Wuesstum vum Land, dee parallel natierlech och déi noutwendeg Astellunge beim Staat mat sech bréngt, generéiert ëmmer nees nei Demanden, Extensiounen, Regruppementer wéi och Transformatioune vun Gebailechkeeten.

D'Loyerskommissioun an de Comité d'acquisition sinn an deem Kontext gefuerdert fir dës Demanden ze evaluéieren an ze kucken wat weider soll gelount oder kaf ginn.

D'Lokatioun mat Kafsoptioun ass eng vun de Méiglechkeete fir sech ee Gebai ze sécheren, dat duerno net zwéngend a Staatsproprietéit muss iwwergoen.

De Ministère fir ëffentlech Bauten, zesumme mat der Verwaltung fir ëffentlech Bauten baut awer och nei Gebaier op Staatsterrainen.

**- Wéi vill Gebaier, déi dem Staat gehéieren oder vum Staat gelount ginn, stinn den Ament eidel?**

Aktuell sti wéineg Gebaier, déi dem Staat gehéieren, eidel. Bei deenen engen ass dat just temporär de Fall, well de Chantier fir d'Renovéierungsaarbechten nach net konnt ufänken. Fir aner Gebaier lafen aktuell Etuden fir dës ëmzeplangen en vue vu Renovatiounsaarbechten fir eng eventuell Reaffektatioun.

Am Fall vu gelounte Gebaier ginn dës Verträg gekënnegt, sou bal se net méi gebraucht ginn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**- Wat gedenkt d'Regierung mat deene Gebaier ze maachen, déi aktuell eidel stinn?**

Wa Gebaier eidel stinn, dann ass dat doduerch geschëlt, well entweder Aarbechte musse realiséiert ginn oder detailléiert Analyse musse gemaach ginn, ier iwwer d'Zukunft vun dëse kann diskutéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2024
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth